n° 3598

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

A ronn 3 Méint schreiwen d'Schüler op der 1ère erëm hieren Ofschlossexamen. Wéi schonn d'lescht Joer, wäert dësen och dëst Joer ënnert ganz spezielle Konditioune geschriwwe ginn. D'Primaner vun dësem Joer hunn awer, am Ënnerscheed zu deene vum leschte Joer, schonn dat ganzt Schouljoer iwwer mat engem Schouljoer à la Covid-19 ze kämpfen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Verschidde Schüler dinn sech schwéier mam Homeschooling a sinn dofir am Moment an enger méi schlechter Ausgangspositioun, wat hier Punkte betrëfft, wéi wann se ënnert normale Konditioune geléiert hätten.
   Ass virgesinn, dass dëst d'Joer méi Prüfunge geschriwwe ginn, fir de Schüler méi Chancen ze ginn, hier Moyenne opzebesseren?

2. Wat fir Hëllefe stinn de Primaner zur Verfügung, fir Léierschwieregkeeten ze iwwerwannen oder ze reduzéieren?

   Op villen Unie ginn et zum Beispill Programmer déi d'Studente kuerz virun den Exame sollen duerch een "ënnerstëtzend" Léieren hëllefen. D'Studente kënnen sech umellen a folgen dann engem kloren Dages- a Wocheplang, dee Schaff- a Pausenzäite festleet a vun "Coachen" begleet gëtt.
   Wier esou ee Programm net eng Méiglechkeet, fir déi kuerz Zäit tëscht dem leschte Schouldag an den Examen?

3. Bléift et bei 6 schrëftlechen Examen an 2 Oralen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3598 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Et ass net virgesinn, datt méi Prüfunge geschriwwe ginn; et erweist sech nämlech, datt d'Prüfunge fir d'Schüler ee Facteur vun zousätzlechem Stress sinn. Aus deem Grond verzicht mäi Ministère – grad an der aktueller Situatioun, déi fir vill Jonker net einfach ze meeschteren ass – op eng Erhéijung vun der Zuel vun de Prüfungen.

Allerdéngs hunn ech den 12. Februar d'Direktere vun de Lycéeën opgefuerdert, déi sougenannte "Conférences spéciales", also d'Fachkonferenzen, zesummenzeruffen, déi sech sollen iwwert déi essentiell Contenue vun de Programmer beroden. Et handelt sech dobäi ëm déi Deeler vum Programm, déi – en vue vum nächste Schouljoer – onbedéngt musse behandelt ginn. An der Formation professionnelle wäerten d'"Équipes curriculaires" mat dëser Aufgab chargéiert ginn.

**Ad 2)**

Esou wéi et den 12. Februar ugekënnegt ginn ass, wäert de Programm, dee fir de Premièresexamen ze preparéieren ass, ëm ongeféier 15 % gekierzt ginn; dëst fir de Primaner et ze erlaben, sech ënnert deene schwieregen aktuelle Konditiounen optimal op den Exame virzebereeden. Do wou eng Kierzung net méiglech ass, wäerten d'Kandidaten e puer Froen "au choix" virgeluecht kréien.

Am Fall vu Schwieregkeeten bei der Uneegnung vun der Matière bidde sämtlech Lycéeën en Appui un, vun deem och d'Schüler vun de Premièresklasse kënne profitéieren. Fir de Coaching, esou wéi e vum honorabelen Deputéierte virgeschloe gëtt, ass am Lycée de Regent zoustänneg.

De leschte Schouldag ass dëst Joer mëttwochs, den 12. Mee 2021; den Exame fänkt méindes, de 17. Mee un. Nom Feierdag vum 13. Mee (Christi Himmelfaart) ass freides, de 14. Mee déi traditionell "Journée de consultation" virgesinn, wärend där kee Cours méi ass, mee d'Proffe Froe beäntwerten an Erklärungen ginn, falls eppes onkloer bliwwen ass. Sou hunn d'Schüler nach eng zousätzlech Méiglechkeet, fir sech virum Examen hëllefen ze loossen.

**Ad 3)**

An der aktueller sanitärer Kris hunn ech, wat de Premièresexame betrëfft, zwee Ziler:

- D'Schüler sollen am Examen nëmme Froe gestallt kréien, déi wärend dem Joer och ausféierlech traitéiert goufen; dofir gëtt den Examensprogramm reduzéiert.
- Den Diplom soll seng Valeur behalen, besonnesch am Hibléck op d'Aschreiwung vun eise Jonken op enger Universitéit; dofir bleift et bei der virgeschriwwener Zuel vu 6 schrëftlechen an 2 mëndlechen Epreuven.